

Fusions-Workshopen Groussbus-Wal Mee bis Juli 2020

Den 29. Mee hunn sech di zwee Gemengeréit am Centre Nei Brasilien zu Gréiwels afonnt fir ënnert der Moderatioun vum Bureau CO3 een éischte Workshop z'organisieren. Hei ass et drëm gaangen fir eng Analyse vun de Stärkten an de Schwächen vun deenen zwou Gemengen ze maachen, dëst en vue vun enger méiglecher Fusion. Dobäi waren och Mataarbechter vun der Verwaltung a vum techneschen Déngscht aus deenen zwou Gemengen. A getrennten Aarbechtsgruppen no Gemeng ass kontrovers an och mol heiansdo méi heftig diskutéiert ginn, an d'Resultater sinn dann herno vun engem Member aus der jeeweileger Grupp presentéiert ginn.

Bei deene Froen huet et sech drëm gedréint, wat di eenzel Leit aus deenen zwou Gemengen gutt un hirer Gemeng fannen (Stärkten), a wou se nach Verbesserungs-Potential (Schwächen) gesinn. Ee weidert Thema huet sech domadder befaasst, wéi di zukünfteg Entwécklung vun der jeeweileger Gemeng soll aus gesinn; an zu gudder Läscht ass et drëm gaangen, wou ee bei der anerer Gemeng d'Stärkten an d'Schwäche gesäit. Dëst war schonn een interessanten Exercice a witzegerweis hunn sech bei dëser Fro vill Äntwerten iwwerschnidden. Hei konnt een draus schléissen, dat d'Leit sech dach gutt kennen, an och gutt Bescheed wëssen iwwert di jeeweileg Verhältnisser an der Nopeschgemeng. Et ass och kee Blat virun de Mond geholl ginn fir dem Noper seng Problemer unzeschwätzen, dëst ëmmer an engem offenen a konstruktiven Dialog.

Den 12. Juni huet et sech dunn ëm d'Finanze gedréint. D'Mataarbechter vum informatesche Gemengesyndikat Sigi hunn di zwee Finanzpläng vu béide Gemenge belicht, dëst an engem Szenario virun der Kris an no der Kris; hei leie bekanntlech nach net all Zuelen um Dësch, mee eent ass lo scho kloer, dat mer alleguerter mat manner Geld vum Staat rechnen müssen. Minus 17 Prozent un Zouwendungen vum Staat kruten d'Gemengen elo dëser Deeg vun der Inneministesche matgedeelt, an dat si fir zwou kleng Landgemengen ewéi Groussbus a Wal richtig vill Suen. Et gëllt also Prioritéite bei den Ausgaben ze setzen, an dobäi ëmmer kloer ze trennen, wat e muss hunn a wat flott wier wann een et hätt (*nice to have*). Di zwou Gemenge leien hei och net wäit aus de Féiss, a müssen allen zwee hire Budget am An behalen.

No dësem wichtege Exercice war et jidder engem am Sall bewosst, dat mer di grouss Erausforderunge vun der Zukunft nëmme kënnen zesumme meeschten, ewéi zum Beispill gezielt gréisser Investitiounen um technesche Plang zesumme stemmen oder och nach Gemengesäll a Gebaier gemeinsam notzen.

Bis zur Summerpaus ginn et lo nach zwee Workshopen, wou mer fir d'éischt sämtlech Gebaier vun deenen zwou Gemenge besichen, an di Kéier drop d'Entwécklungspotenzial vun deenen zwou Gemenge méi genee ënnert d'Lupp huelen.

D'Stëmmung ënnert allen Acteuren ass jiddefalls beschtens an et huet een d'Gefill dat jiddereweil gewëllt ass, säin Deel zu engem positive Verlaf vun de Gespréicher bäizedroen.

Roger Gereke,
Gemengeconseiller
Groussbus